**Interpellation sur la participation et représentation des élèves au sein des écoles et des lycées luxembourgeois**

**Ried vum Tessy Scholtes**

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen,

Wéi ech mech mam Sujet vun der Partizipatioun a vun der Representatioun vun de Schüler an eise Schoulen ausernaner gesat hunn, wor et fir mech fir d'alleréischt mol wichteg genee nozekucke wéi eng Mëttel de Schüler haut an de Lycéen zur Verfügung stinn fir iwwerhaapt kënnen ze partizipéieren a wéi si an hier Interessen haut an Schoul an doriwwer eraus iwwerhapt wouergeholl ginn.

Wéi ech dëst gemaach hunn, ass mir fir d'alleréischt an de Sënn komm dass op dësem Plang iwwert déi lescht 16 Joer vill geschitt ass.  Esou verfüge mir haut zënter dem Gesetz vum 27. August 1997, respektiv zënter den Ausféierungsrèglementer vum 17. November 1997  iwwer d'Organisatioun vun de Schülercomité'en a vum 12 März 1998 iwwer d'Organisatioun vun der Nationaler Schülerkonferenz iwwer déi néideg Strukturen, déi d'Schülerreprésentatioun an a vun de Schoulen gesetzlech erméiglecht a strukturéiert.

Zënter hier ass nogebessert, verdéift a kompletéiert ginn an dëst notamment duerch d'Règlement vum 1. August 2001 iwwer d'Organisatioun vun de Schülercomité'en wou d'Règlement aus dem Joer 1997 iwwerschafft gouf, esou wéi och duerch d'Gesetz iwwert d'Organisatioun vun de Lycée'en an de technesche Lycée'en vum 16. Juli 2004.

Duerch dës Gesetzer a Règlementatiounen verfüge mir haut iwwert eng Partie Strukturen fir d'Représentatioun vun de Schüler ze gewährleeschten esou dass si fir hier Interessen antrieden an dës och verteidege kënnen. Esou ginn et um Niveau vun all Schoul

- Eischtens zwee Klassendelegéierten, déi d'Interessen vun de Schüler um Niveau vun der Klasse verteidegen a fir dës antrieden an zwar vis-à-vis vun den Enseignanten, dem Régent an der Direktioun esou wéi och d'Verbindung mam Schülercomité maachen,
- zweetens hu mir de Schülercomité op deem seng Fonktiounen ech spéider méi am Détail agoen wäert.

Zwee Delegéiert vum Schülercomité vertrieden d'Intérêt'en vun de Schüler am Kader vun den sougenannte Represantatiounsstrukturen wéi am « Conseil d'éducation », am « Comité de sécurité » oder och an anere Comitéen, déi an de Schoulen entstoe kënnen. Iwwer déi eege Schoul eraus, gëtt vun all Schülercomité aus ee Member designéiert fir um nationale Plang an der nationaler Schülerkonferenz, der sougenannter Conférence nationale des élèves du Luxembourg, der CNEL, matzewierken.  Doriwwer eraus fannen mir dann och nach zwee Schülervertrieder am « Conseil Supérieur de l'Education Nationale » ërëm.

Här President,

Et ass wichteg fir sech kuerz mat den Attributioune vum Schülercomité, deen all zwee Joer gewielt gëtt an deen tëscht 7 an 13 Memberen zielt, ofzeginn. Esou steet am Artikel 34, vum Gesetz aus dem Joer 2004 dass de Schülercomité d'Schüler bei der Direktioun esou wéi och bei alle Comité'en dei innerhalb vun enger Schoul entstinn, sief dëst um Niveau vun den Enseignanten, wéi vun den Elteren, vertrëtt. Et ass um Schülercomité fir aner Schüler iwwert hir Rechter an Aufgaben innerhalb vun der Schoulkommunitéit ze informéieren an dëst duerch d'Klassendelegéiert. Et gehéiert och zu den Attributiounen vum Schülercomité hier Stellungnahmen fir an de « Conseil d'education » firzebereeden, kulturell, sportlech an sozial Aktivitéite ze organiséieren esou wéi och Propositiounen ze formuléieren, wat d'Schoulliewen an d'Aarbescht vun de Schüler ubelaangt. Hei steet dann och dass den Direkter sech mam Schülercomité versammelt wann dësen dëst ufreet.

Am Règlement iwwert d'Organisatioun vun de Schülercomité'en gëtt am am Artikel 19 iwwert d'Attributiounen vum Schülercomité präziséiert dass dësen ee « Rapport annuel » iwwert seng Aktivitéiten a seng Projet'en opsetzt an dass de Schülercomité op enger bestëmmter Plaaz an der Schoul, wou vill Passage ass, an deen vun der Direktioun designéiert gëtt, all séng Rapport'en, Communiqué'en an aner Dokumenter ophänkt. De Schülercomité kann dann och nach ausserhalb vun de Schoulklassen eng Permanence ariichten fir de Schüler ze erméiglechen Kontakt mam Schülercomité opzehuelen an dëse kann och speziell Commissiounen iwwer verschidden Themen entstoen loossen.

Nieft dem Schülercomité an der Schoul spillt de « Conseil d'éducation » eng wichteg Roll fir d'Schüler wou nierft dem Direkter, de Proffen, den Elteren och si zu zwee vertruede sinn.

Dës Enceinte ass scho bal bësse wéi d'Häerzstéck vum Fonktionnement vun der Schoul u sech, un deem d'Schüler dann och bedeelegt sinn. D'Attributioune vum « Conseil d'éducation » si fir d'Schoulcharta ze adoptéieren, den « Accord » fir autonom Aktiounen am pädagogësche Beräich an an deem vun der administrativer Organisatioun ze ginn oder an dëse Beräicher selwer Propositiounen ze maachen, de sougenannte « Projet d'établissement » ze adoptéieren, den Budgetsprojet vun der Schoul ze aviséieren an och den Accord zur d'Repartitioun vum Budget fir d'Schoul ze ginn. De « Conseil » gëtt dann och nach hieren Accord zur Organisatioun vun den wöchentleche Schoulstonnen, aviséiert dei intern an extern Evaluatiounsrapporten vum Lycee, organiséiert déi gemeinsam Versammlungen an Manifestiounen vun de Schoulpartner, stimuléiert an organiséiert kulturell Aktiviéiten a formuléiert Propositiounen iwwert all Froen déi d'Schoulliewen interesséieren an d'Organisatioun vum Gebei betreffen.

Déi lescht Struktur am Kader vun der « Représentatioun an der Participatioun vum Schüler » op déi ech wollt agoen, déi iwwert déi eege Schoul erausgeet, ass déi national Schülerkonferenz, kuerz gesot d'CNEL. Och hei wollt ech dei eenzel Attributiounen ënner d'Lupp huelen. D'CNEL, déi sech op mannst ee mol am Trimester « sur convocation » vum Minister versammelt oder och soss all Kéiers wann de Minister oder och déi einfach Majoritéit vun de Memberen aus der Konferenz et fir néideg halen, huet folgenden Kompetenzberäich : Si huet d'Recht d'Schüler beim Minister esou wéi och bei all anere nationale schoulesche Partner ze representéieren, si designéiert d'Vertrieder fir an de « Conseil Supérieur de l'Education Nationale » a si ka Memberen aus hierem Gremium designéieren, déi an Arbechtsgruppe matwierken, déi vum Minister geschaf ginn oder wou d'Ministesch d'Schüler well assoziéieren. Doriwwer eraus kann d'CNEL zu all Fro, déi d'Schülerliewen an hier Aarbescht an der Schoul betreffen, Propositioune formuléieren, si geëtt vun der Ministesch iwwer Projeten déi d'Schüler intéresséieren informéiert, si ka vun der Ministesch saiséiert gi fir Avisen zu verschiddene Froen, déi d'Schüler interesséieren, ze formuléieren. Si leet der Ministesch ee jährleche Bilan iwwert d'Fonktionnement vun de verschiddene Schülercomité'e vir a si ka speziell konsultativ Kommissiounen op d'Been setzen déi sech mat verschiddene schoulrelevanten Thematiken ausernaner setzen.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

D'Fro déi sech eis awer haut stellt ass op déi Gesetzer a Réglementatiounen aus deenen ech elo citéiert hunn et dann och de Schüler an der Praxis erlaben fir hier « Representatioun a Participatioun » um Terrain kënnen effektiv an efficace ëmzesetzen.

Wichteg ze ënnersträichen ass mol iwwerhapt d'Daseinsberechtegung vun dëse Strukturen duerch déi d'Schüler um Schoulgeschéien deelhuele kënnen:

- Esou geet et an éischter Stell wéi scho gesot drëm fir Léisungen zu Problemer ze fannen, déi sech am Kader vun der Schoul a sénger Kommunotéit stellen. Esou kënnen d'Schüler sech an de geschafene Strukturen concertéieren, fir zesummen hir Intérêt'en ze verteidegen an novirzebréngen fir, an hieren Aen, onzefriddestellend Situatiounen ze verbesseren.

- Zweetens geet et awer och drëm, an dat dierf ee net vergiessen, ervirzesträichen dass dës Méiglechkeet fir méi um Schoulliewen ze partizipéiren ee wichtegen Bäitrag fir eng « éducation à une citoyenneté active et responsable » ass, déi et de Schüler erlabe soll sech zu engem mündege Bierger ze entwéckelen.

Ech wollt, wann dir mir erlabt, bësse méi am Detail op dësen zweete Punkt agoen. De Conseil de l'Europe huet schon am Joer 1989 affirméiert dass « de beschten Enseignement vun der Demokratie nëmmen an engem Kader kann dispenséiert ginn, wou d'Participatioun encouragéiert gëtt, wou déi verschidde Standpunkte kënnen oppen ausgedréckt ginn, wou d'Ausdrocksfräiheet vun de Schüler an vun de Proffen garantéiert ass a wou allgemeng « Gläichheet » a « Justiz » gëllt. An sengem Projet « Politiques de l'enfance » aus dem Joer 1996, verstäerkt den Europarot dann och nach eng Kéier séng Entschlossenheet fir dass d'Kanner als «vollwäerteg Bierger » solle consideréiert ginn, als « aktiv Uspriechpartner » an dëst an alle Beräicher déi de Bierger interesséieren. Esou kann een hei liesen dass «d'Méiglechkeet fir d'Kanner op hir eege Liewensconditioune kënnen anzewierken ausschlaggebend fir hier Entwécklung ass an dass de Fakt fir de Kanner nozelauschteren, mat hinnen zesummen Problemer unzegoen, hier Meenungen ze acceptéieren esou wéi och sech Zäit ze huelen hinnen ze explizéieren firwat hier Iddien nët ëmmer kënnen acceptéiert ginn, wichteg Mëttele si fir hier Undeelnam ze förderen.» Esou ginn et och sälleg Etuden déi weisen, dass an deene Schoulen wou d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, fir sech auszedrécken

an fir un den Décisiounen wat hir Schoul ubelaangt, ze partizipéiren, d'Gewalt an deene Schoulen allgemeng ofhëllt. Een oppent Ouer fir dem Schüler seng Suergen am Schoualldag a bei allem wat d'Schouliewen ubelaangt, ze hunn, ass demno immens wichteg.

Wéi et am spéidere Liewen och wäert sinn, hunn d'Schüler Rechter a Pflichten iwwert déi si sech musse bewosst ginn. Si musse léieren dass si déi Rechter, déi hinnen zoustinn, an engem konstruktiven Dialog afuerdere kënnen mä dass si sech och un hier Aufgaben a Contrainten hale mussen, fir den Ufuerderungen vun enger partizipativer Demokratie kënnen gerecht ze ginn. Wäerter an Eegeschafte wéi Verantwortung, Solidaritéit, een deem aneren hëllefen, Autonomie oder och Zesummenarbecht ginn duerch partizipativ Prozesser, wéi et d'Schülercomité'e sinn, wou gemeinsam festgesaten Objectiver areecht ginn, geléiert a verdéiwt. Wann also eis Schoul eng Plaz soll sinn, wou de Schüler dobäi begleed gëtt fir dass hien sech zu engem fräien, autonomen a responsabele Mensch entwéckele kann, musse mir him och déi néideg Méiglechkeete a virun allem Mëttele ginn dëst och kënnen ze areechen. Et kann ee souguer soen dass d'Schoul eng Plaz ass wou d'Mënscherechter geléiert ginn andeems de Kanner hier Rechter a Pflichten net nëmmen an der Theorie mä och konkret am Schoulalldag solle vermëttelt ginn an zwar andeems si hier Rechter, ganz no de Prinzipien vun der internationaler UNO Konventioun vun de Rechter vun de Kanner aus dem Joer 1989, am Alldag ausübe kënnen. Esou seet den Artikel 12 aus der UNO-Konventioun vun de Kannerrechter : « Les Etats parties garantissent à leur enfant qui est capable de discernement le droit d'exprimer librement son opinion sur toute question l'intéressant, les opinions de l'enfant étant dûment prises en considération eu égard à son âge et à son degré de maturité ». Och wann duerch Grënn vum Schutz vun de Schüler, hierer Edukatioun an dem reibungslose Fonktionnement vun der Schoul, de Kanner d'Limiten vun der Ausübung vun hierem Recht musse virgesat ginn, dierfen d'Rechter vum Schüler net ignoréiert mä ganz au contraire explizit gefördert ginn.

Fir dës bësse méi philosophesch Iwwerleeung iwwert d'Wichtegkeet vun enger Responsabilisatioun vum Schüler an Interaktioun mat sénger direkter Emwelt ofzeschléissen, wollt ech awer kuerz nach op e puer Iwwerleeungen dozou vum Professor Dokter Wolfgang Edelstein, dem ehemolegen Direkter vum Max-Planck-Institut fir Bildungsforschung, agoen déi mir an dësem Kader besonnesch pertinent erschéngen. Esou seet hien dass «

selbstverantwortlecht Handelen a Kooperatioun mat aneren an héigem Mooss gesellschafts- a virun allem wirtschaftsbestëmment sinn. Sou ass de Professor Edelstein der Meenung dass Partizipatioun eng funktional Noutwennegkeet vun der Virbereedung vum Schüler op eng Welt ass, an der selbstverantwortlecht a kooperativt Handelen entscheedend Viraussetzunge fir den ekonomeschen a gesellschaftleche System sinn.

Här President,

No dësem bësse méi philosopheschen Exkurs, wollt ech awer lo nee méi konkret ginn a mech mat der Realitéit um Terrain, also vun de Schoule, befaassen.

De Célestin Freinet huet an engem Artikel an der Revue « Clarté » am Joer 1923 geschriwwen « L'énoncé théorique des droits et des devoirs de l'individu dans la communauté ne suffit plus ; c'est la pratique sociale qu'il faut développer afin que l'homme sache plus tard se conduire librement dans les diverses occasions de sa vie ».

Mir, d'CSV, sinn der Meenung dass dës Gesetzer a Reglementatiounen musse mat Liewe gefëllt ginn fir dass hier Essenz och zum Droen kënnt. Wann ee sech d'Schülercomité'en an dene verschiddene Lycée'en ukuckt, gesäit ee séier dass et an deenen enge Schoule ganz lieweg Schülercomité'en ginn woubäi an anere Schoulen op dësem Niveau nët grad esou vill leeft. Wichteg ze soen ass hei, dass d'Conditioune fir ee gudd fonktionnéierenden a gudd besichten Schülercomité ze garantéieren d'Facteuren « Zäit », « Wëllen » an « zesummen un engem Strang zéien » sinn. Nëmmen da wann all déi concernéiert Akteuren den néidege Wëllen hu fir zesummen eppes opzebauen an sech dofir och déi néideg Zäit ginn, ass ët méiglech dass an de Schoule flott Projet'e kënnen entstoen. Dëst betrëfft esou wuel d'Direktioun an d'Enseignant'en, well d'Opstellen vu Schülercomité'en an hiert Umliewenhalen brauche mol méi mol manner Begleedung an Ennerstëtzung vun « Erwuessenen », esou wéi och d'Schüler. Dëst ass net ëmmer evident mat all de Contrainten déi esouwuel d'Proffen an d'Schüler an hierem Liewen hunn well dëst soll jo alles ausserhalb vun de Schoulstonnen stattfannen. Dëst ass eng supplementär Charge, iwwer déi ee sech muss bewosst ginn an déi vu ville concernéierten Acteuren a priori net onbedéngt kann oder wëll assuméiert ginn.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Wat d'Texter u sech ubelaange kann ee soen dass si de Schüler op den éischte Bléck nawell vill Méiglechkeeten ginn fir hier Interessen ze vertrieden an ze verteidegen, esouwuel an der Schoul duerch d'Klassendelegéierten an d'Schülercomité'en ewéi och op nationalem Plang duerch d'CNEL. Wann ee sech déi eenzel Texter awer méi genee ukuckt kann een zu der Conclusioun kommen dass dës dach awer relativ rigid an d'Fräiheete vun dene Jonken e bëssi ageschränkt sinn. Natirlech hängt alles vun der Emsëtzung um Terrain of. D'Theorie entsprëcht net onbedéngt ëmmer der Praxis. Esou schéngt et och am Fall vun de Schülercomité'en a vun der CNEL ze sinn. Et schéngt wéi wann net alles à la lettre genee esou applizéiert géif ginn wéi et an dene verschiddene Reglementer virgeschriwwen ass an doduerch méi Fräiraum fir d'Schüler entsteet. An awer kann ee verstoen dass si och op legaler Basis méi Matsproochrecht fuerderen.

Well hier Problemer, fir gudd ze funktionnéieren, si vielfälteg:
-De wichtegste Punkt schéngt mir dee vum Abannen, vum mat Abezéien vun alle Schüler aus enger Schoul ze sinn. Dozou gehéiert virun allem d'Diffusioun vun den Informatiounen. An hei mussen all d'Akteure matspillen, dat heescht d'Enseignant'en, d'Directioun, déi verschidden Zervisser aus der Schoul a net zulescht d'Schüler selwer duerch hier Klassendelegéiert a Vertrieder aus dem Schülercomité. Nëmmen esou ass et méiglech eng flott Dynamik vun enger demokratescher Schoulpopulatioun ze entwéckelen an d'Schüler ze motivéieren fir sech ze engagéieren. Esou kéint dann och an de Schoule selwer entweder vum SPOS oder vum « service éducatif » eng gewësse Begleedung au besoin offréiert sinn.

-Mir wëssen all wéi schwéier et am Allgemengen haut an eiser Gesellschaft ass fir Leit ze fannen déi sech bénévole asetzen a sech fir eppes engagéieren. Dat kann Angscht maachen, virun allem wann ee nach net vill Erfahrung an deem Beräich gesammelt huet an en plus ass et jo bekannt, dass déi Leit déi sech asetzen meeschtens och déi sinn op déi geklappt gëtt wa si Décisiounen huele mussen, déi zwar soss och keen huele wëll, mä déi awer net Jidderengem gefalen. Abee ëm sou méi ass et verständlech dass et deene Jonken heinsdo u Motivatioun feele kann wat deen do Beräich ugeet.

-Ee weidere Problem ass, an ech hunn et virdrun scho kuerz ugeschwat, de relativ strikte gesetzleche Kader wat de Fonctionnement vun de verschiddene Schülerorganisatiounen ugeet an demno d'Emsetze vun hiere Rechter. Ech nennen Iech nëmmen e puer Beispiller:

-D'Wahle fir de Schülercomité si just all 2 Joer wat e relative figéierte System creéiert.
-D'Communicatioun erweist sech als schwiereg well just e Groupe restreint vu 7 bis 13 Schüler sëch regelméisseg gesäit, beréid an Décisiounen hëllt déi d'ganz Schülerpopulatioun betreffen.
-D'Schülercomité'en kréien a priori keng Hëllefstellung an der Schoul.
-D'CNEL huet ee ganz spezielle legale Statut, si ass weder eng onofhängeg Associatioun nach een offiziellt Organ vum Staat. Si ass eigentlech just eng berodend Commissioun vum Unterrëchtsministère.
-D'CNEL huet net wierklech vill Moyen'en. Si hänken am Fong vum Educatiounsministère of wat d'Aberuffe vun hiere Versammlungen, den Ordre du jour an d'Rédigéiere vun de Rapport'e betrëfft, wat et hinnen schwéier erméiglecht sech fräi ze entwéckelen an eng neutral Ulafstell fir d'Schüler ze sinn.

Här President,

Dass d'national Schülerkonferenz fuerdert fir eng neutral Ulafstell fir all d'Schüler ze sinn ass an eisen Aen legitim.
Dofir ass d'Iwwerschaffen vun der aktueller groussherzoglecher Veruerdnung iwwer d'CNEL wichteg fir se de Besoin'en vun de Jonken ze adaptéieren. Esou sollte si op eegen Initiativ kënne Versammlungen aberuffen an d'Dagesuerdnung festleen.
Iwwer eng onofhängeg professionnel Hëllëfstellung am administrativen an organisatorësche Beräich ass et sëcher och derwäert nozedenken. Dat géif et der CNEL erlaben d'Arbechten an dene verschiddene Schülercomité'en besser ze coordinéieren an eng Roll als Mediateur bei Problemer tëscht Schülercomité an Direktioun ze iwwerhuelen. Dës Aufgaben missten am Fong par définition an den Attributiounen vun enger nationaler Schülervertriedung leien. Dëst verlaangt natirlech e gewësse Budget, deen hinnen am Moment net ginn ass mä wou

zum Beispill awer ähnlech Léisungen wéi bei anere Jugendorganisatiounen unzedenke wieren.

Da wëll ech awer net vergiessen ze erwähnen dass mir a verschiddene Schoulen ganz engagéiert Schüler, Proffen an Directiounen hunn déi flott Projet'en an d'Liewe geruff hunn an déi als Modell dinge kënnen wéi d'partizipativ Demokratie an Zukunft an eise Schoulen ausgesi kéint. Esou funktionnéiert am "Lycée Aline Mayrisch" säit dräi Joer e Schülerparlament wat aus all de Klassendelegéierte besteet an ee mol am Trimester zesumme kënnt fir iwwer all méiglech Sujet'en déi si betreffen ze diskutéieren an ofzestëmmen. Dëst Schülerparlament ass e grouse Succès an ass zu engem feste Bestanddeel vun der Schoulkultur am LAML gin.

Am "Lycée des Arts et Métiers" leeft e Pilotprojet mat engem méi oppene Schülercomité, wou all d'Schüler kënnen un de Versammlungen deelhuelen an d'Decisiounen vu Jidderengem geholl ginn deen op der Versammlung ass.

Dës zwou Initiativen, an et gi bestëmmt nach anerer, sollten een Usporn sinn fir d'Schüler méi eescht ze huelen well si hunn eng Meenung a wëllen dass een hinnen nolauschtert!

Mä et geet natirlech net alles vum selwen an déi jonk motivéiert Leit wëssen dacks net wéi si sech ulee sollen. Dofir ass et wichteg si an hierem Bestriewen eppes ze bewegen ze guidéieren, zum Beispill ënnert der Form vun engem professionnelle Coaching an de Schoulen, eppes wat d'CNEL och ganz kloer revendiquéiert.

Här President,

D'CSV ass der Meenung dass d'Opklärungsaarbecht an de Schoulen eng ganz wichteg Roll spillt wann een eng dynamesch Schülerpartizipatioun wëll. Hei ginn et e puer Outil'en, gréisstendeels vum SNJ initiéiert, déi vill méi systematesch genotzt gi missten :

-De Guide fir Schülercomité'en vum SNJ, en Heft wat de Schüler op 62 Säiten nëtzlech Tipps an Informatioune gëtt.

-Den SNJ bidd all zwee Joer eng Formatioun fir déi nei gewielte Schülercomité'en un. Den SNJ zielt dann hei bis zu 60 Schüler déi sëch de Weekend vu Freides op Samsdes Mëttes fräi huelen fir hei matzemaachen .

-D'Journée « comités des élèves », déi am Schouljoer 2007/2008 vum Educatiounsministère, dem SNJ, dem CPOS an der CNEL organiséiert gouf, eng super Initiative déi leider keng Continuitéit krut.

Wéi Dir gesidd ass effektiv eng Basis do op där een och an Zukunft opbaue kann.

Mä net nëmmen bei de Schüler mussen d'Informatioune fléissen, och Enseignant'en musse sensibiliséiert ginn well hier Partizipatioun a Versteesdemëch sinn d'Viraussetzung fir dass d'Meenung vun de Schülervertrieder een Automatismus an eng Selbstverständlechkeet an all Schoul gëtt.

Am Allgemenge si mir also dofir de Schüler méi Matsproochrecht ze gin. Allerdings ass dat eppes wat ee net vun haut op muer aféiere kann. Et muss wéi alles lues a lues opgebaut ginn virun allem well mir keng esou eng Kultur hei zu Lëtzebuerg hunn an dat demno och net gewinnt sinn. Mir begréissen dofir dass, obwuel et an der Grondschoul am Fong keen Abezéie vun de Schüler gëtt, op verschiddene Plazen Projet'e wéi Schülerparlament lafen. Esou kënnen och méi jonk Schüler eng Fähegkeet an eng Sensibilitéit fir Demokratie entwéckelen.Esou Projeten sinn ausdrécklech ze förderen.

An deem Sënn ass och d'Responsabilisatioun vun de Schüler e wichtegt Element wat dozou bäidréit dass si vill méi selbstänneg a selbstbestëmmt handelen. Um Niveau vum Lycée ginn et Initiativen wou Schüler responsabiliséiert gin andeems si zum Beispill selwer de Schlëssel vun hierem Sall hunn a kucke mussen dass en Owes zougespaart ass.

An dach muss e Gläichgewicht oprecht erhaal ginn fir e gudd Fonktionnement vun der Schoul ze garantéieren. D'Schüler engersäits an d'Proffen op der anerer Säit hunn hier eegen Kompetenz- an Handlungsberäicher. Dëse Balanceakt muss bestoen bleiwen. Esou sinn

d’Fuerderungen fir als Schüler beim Conseil de classe oder am Conseil de discipline dobäi ze sinn an eisen Aen net gerechtfärdegt.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ofschléissend wollt ech soen dass mir iwwert eng zolidd Base verfügen, déi et den Schüler erlabt fir hier Interessen anzetriden an dës och ze verteidegen. Wann ee mol all dës Meiglechkeeten déi sech de Schüler elo scho bidden effektiv an efficace notzen, kéinte landesweit an all Schoul esou flott Projet’en entstoen wéi mir se elo schon a verschiddene Schoulen déi ech virdrun zitéiert hunn. An dach bleiwt nach Verbesserungsbedarf. Déi verschidde Strukture mussen esou adaptéiert ginn dass si dem Schüler erlaben méi autonom an onofhängeg vun hinne benotzt kënne ginn. Wéi wichteg et ass de Schüler an der Schoul een zolitte Bagage matzeginn fir spéider mat zwee Féiss kënnen an hierem Liewen ze stoen, ass eis all bewosst. Dofir ass net nëmmen d’Politik gefuerdert mä och alleguer d’Acteuren déi op déi eng oder aner Art a Weis an der Schoul intervenéieren. Ech soe just: Wou e Wëllen ass, ass e Wee!

Ech soen iech Merci fir d’Nolauschteren.